N°2810
Entrée le 27.08.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 27.08.2025
Chambre des Députés

FRAKTIOUN CSV

**Här Claude Wiseler**

**President vun der Chamber**

**Lëtzebuerg, den 27. August 2025**

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Mobilitéitsministesch weiderzeleeden.

D'Notzung vun elektreschen Trottinetten huet an de leschte Jore staark zougeholl. Si ginn net nëmme fir de "leschte Kilometer" agesat, mee ëmmer méi fir Alldagsweeër op d'Aarbecht oder an d'Schoul an och am Fräizäitverkéier an eisen Uertschaften. Mat där Verbreedung stellt sech nieft de Virdeeler vun den elektreschen Trottinetten och d'Fro vun der Sécherheet an dem respektvolle Matenee vun alle Benotzer vum ëffentleche Raum: Foussgänger, Cyclisten, Autosfuerer a Buschauffer.

Aus Berichter vun enger belscher Dageszeitung vum 19. August 2025 geet ervir, datt d'Zuel vun den Accidenter mat elektreschen Trottinetten am éischten Trimester 2025 ëm ronn 62 % zougeholl huet. An deenen éischte Méint vum Joer goufen ongeféier 470 Accidenter registréiert, bei deenen et zu Blesséierten oder esouguer zu Doudeger komm ass. Dës Entwécklung weist op e kloert Sécherheetsprobleem hin, den och fir Lëtzebuerg relevant ass.

An deem Kontext géif ech gäre follgend Froen un d'Madamm Mobilitéitsministesch stellen:

- Wéi vill Stroossenaccidenter mat Bedeelegung vun elektreschen Trottinettë goufen zu Lëtzebuerg an deenen leschte 5 Joer enregistréiert?
- Wéi steet d'Regierung zu weidere präventive Moossnamen (z. B. Sensibiliséierungscampagnen, Ausbildung, Helmflicht, Geschwindegkeetslimiten, etc) an gesäit d'Madamm Ministesch an deem Kader Besoin fir Upassunge vum Code de la Route?

Här President, ech bieden Iech dës Froen, mat mengem déifste Respekt unzehuelen.

Marc Spautz

Députéierten

